

Rapport Referees Commission 06. März 2018

Uwiesend (Présent) : Geib, Weinzierl, Frieseisen, Keiffer, Simonelli, Nesser, Weber

Entschëllegt (Excusés): Ney, Pascalicchio, Schmitt

1. Adoptioun vum Rapport vum 23.01.2018 (Adoption du rapport du 23.01.2018)

De Rapport ass approvéiert. (Le rapport est approuvé)

2. Affär Red Boys

No der Entrevue mam Handball Red Boys, deelt d'REFCOM mat dat et eng produktiv an konstruktiv Diskussioun war. (*La REFCOM fait part que la discussion avec le Handball Red Boys était constructive*)

Present waren den President vun der FLH, den Här Dr. Schockmel, vun der REFCOM den Här Ney, den Här Simonelli, den Här Nesser, an den President vum Handball Red Boys, den Här Scheuren. (*Présents : M. Dr Schockmel, président de la FLH, M. Ney, M. Simonelli, M. Nesser de la REFCOM et M. Scheuren, président du Handball Red Boys*)

3. Videoanalys (analyse vidéo) 02.18

Den 24 Februar war di drëtt Séance Videoanalys, virgestallt e.a. vun den Häre Schmidt/Volz an Bechtold/Morim Simoes. Nächst Séance ass de 17.3 vu 09h00 bis 12h00 um Siège vun der FLH. (*Le 24 février M. Schmidt/Volz et Bechtold/Morim Simoes, entre autres, ont présenté la troisième séance « Videoanalys ». Prochaine séance le 17 mars de 09h00 à 12h00 au siège de la FLH.*)

4. Zesummenaarbecht mat aanere Federatiounen (Collaboration avec d'autres fédérations)

De Patrick Simonelli preparéiert en eventuellen Austausch den Weekend vum 06.04-08.04 mat eisen Éisträichesche Frënn vum Wiener Handballverband. Déi wéilten des Kooperatioun och am Beräich vun den jonken Arbitter ausbauen. (*Un éventuel échange le weekend du 6 au 8 avril avec le « Wiener Handballverband » est préparé par M. Patrick Simonelli. Cette coopération peut être élargie sur le plan des jeunes arbitres*)

De Francis Keiffer seet,, datt et mam Interreg och an déi Richtung soll goen, an esou gëtt dann och eng eventuell Méiglechkeet gesicht e Weekend fir en Austausch um Niveau vun den Jeunes Arbitres ze fannen. Bei der Interfed (FLF, FLVB, FLTT, FLBB, FLH) deelt den Här Keiffer dann och mat, dat di nächst Versammlung den 26.03 ass. (*M. Francis Keiffer propose qu'au niveau Interreg un échange entre les jeunes arbitres serait constructif. Le 26 mars un nouveau meeting Interfed (FLF, FLVB, FLTT, FLBB, FLH) est planifié*)

5. Final 4

Mam Helmut Wille, sinn Formatiounen, Donneschdes mëttes mat eisen Delegéierten geplangt. Mat den Koppelen vun den Halleffinalen an Finalen ginn Freides mëttes Beobachtunge vun den Halleffinale analyséiert. Dobäi kennt nach Freides owes en Cours vir all Cadre Supérieur

Arbitteren. An eng Formatioun **OBLIGATOIRESCH** vir **ALL** d' Arbitteren. Samschdes moies am Auditoire vun der Coque. (*Jeudi, 19 avril, M. Helmut Wille donnera une formation à nos délégués. Vendredi après-midi, avec les couples des demi-finales et finales les observations des demi-finales seront analysées. Vendredi soir il y aura un cours pour tous les arbitres Cadre Supérieur et samedi matin une formation **obligatoire** pour tous les arbitres à l'auditoire de la Coque*)

6. Stage September 2018

Vir di néi Saison gëtt dëst Joer en Stage vir d' Arbitteren zu Mondorf am Domaine Thermal organiséiert, dëst den Weekend vum **01.-02. September 2018**. (*Du 1^{er} au 2 septembre il y aura, pour la nouvelle saison, un stage pour les arbitres. Cela au Domaine Thermal à Mondorf*)

7. Arbitterbewäertung (Évaluation des arbitres)

D'Refcom schafft drun datt an der nächster Zukunft 1 Offiziellen vun all Equipe en Beobachtungsbou iwwert d' Arbitteren ausfëllt, weider Detailer mussen awer nach ausgeschafft ginn. Dëst nëmme fir d'Hären- an d'Damme Nationaldivisioun. (*La REFCOM prévoit une fiche d'évaluation des arbitres établie par un officiel de chaque équipe. Ceci seulement pour la Division Nationale Hommes et Femmes*)

8. Informatioun un d'Veräiner (Information aux clubs)

An der Nationaldivisioun Dammen an Hären, **mussen di** zwee Veräiner vun engem vun den 4 Offiziellen (A;B;C;D) bei der technescher Sitzung representéiert sinn. (*En Division Nationale Hommes et Femmes les 2 clubs **doivent** être représentés par un des quatre délégués (A;B;C;D) lors de réunion technique*)

9. Médico Sportif

All Arbitter muss am Handball en Médico Sportif hunn, dëst steet an den Statuten vum ENEPS, dofir ass all Arbitter gebieden d'Validitéit vun sengem Médico am Aen ze behalen. (*Selon les statuts de l'ENEPS, tout arbitre est tenu d'avoir un médico sportif. Les arbitres sont priés à observer la validité de leur médico sportif.*)

Nächst Versammlung: Dënschdeg den 03. Abrëll um 18:15. (Prochaine réunion : Mardi le 3 avril à 18h15)